Oktober 2025
Koplescht - Briddel

# N°60 KoBri

Magazine



disponible en français sur **www.kopstal.lu**

Koplescht
Briddel




## IMPRESSUM

**EDITIOUN:** Administration communale de Kopstal
**KOORDINATIOUN A MISE EN PAGE:**
Service de communication et des relations publiques
brain&more - agence en communication
**FOTOE VUN DE COUVERTUREN:** Claire Schroeder (1. Couverture),
Max Staus (2. & 4. Couverture)

Dëse Magazine gëtt an 1.800 Exemplaren op recycléiertem Pabeier gedréckt

# SOMMAIRE

Le KoBri Magazine est également disponible en langue française sur le site **www.kopstal.lu**


VIRWUERT

Josy Popov - Schäffen 4

NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

Klimapakt Audit 7

En neit Konschtwierk fir d'Gemeng Koplescht 8

Eng nei Heckeschéier fir de Gemengentraktor 10

Biergerbedeelegung PDC Kopstal 11

Repair Café 14

NATUR & TOURISMUS

Pilotprojet: Véier Patten fir de Fliedermausschutz 18

D'Kéiseker brauchen eis Hëllef 20

AKTIVITÉITEN & KULTUR

Presentatioun videogames.lu
Retrospectiv - Vergaange Manifestatiounen 24

PRAKTESCH INFORMATIOUNEN 39


## LETTRE À LA RÉDACTION*

Wann Dir zum Contenu vum KoBri Magazine wëllt bäidroen, kënnt Dir gären Äre Sujet / Ären Artikel dem Kommunikatiounsservice schécken.

Si vous désirez contribuer au contenu du KoBri Magazine, nous vous invitons à soumettre votre sujet / article au service de communication.

If you wish to contribute to the content of KoBri Magazine, we invite you to submit your topic / article to the communications department.

**communication@kopstal.lu**

* De Kommunikatiounsservice erlaabt sech, d'Selektioun vun den Artikelen ze maachen déi publizéiert ginn. • Le service de communication se réserve le droit de sélectionner les articles qui seront publiés. • The communication department reserves the right to select the articles to be published.

## VIRWUERT

# Josy Popov - Schäffen

Foto: Max Staus

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Mat grousser Freed an engem Gefill vu Stolz presentéieren ech Iech elo déi 60. Ausgab vun eisem informatiounsräiche KoBri-Magazine. Et ass eng bemierkenswäert Rees, déi am Abrëll 2006 hiren Ufank fonnt huet, wéi eis Gemeng den éischte Buet ënnert dem Numm „Kontakt“ an d' Liewe geruff huet.

Am Oktober 2022 ass dës Gemengebroschure du schliisslech a KoBri-Magazine ëmbenannt ginn. D‘Ofkierzung „KoBri“ symboliséiert dobäi treffend d'Verbonnenheet vun eisen zwou Uertschafte Koplescht a Briddel, deenen hir Geschichten an d’Entwécklunge mir allzäit festhalen.

De grondleeënden Zweck vun eiser Publikatioun ass onverännert bliwwen: Si soll eis Awunner ausgibeg iwwert déi villfälteg Aktivitéiten an d‘Entwécklungen an eiser Gemeng informéieren. Dobäi gehéieren och déi Inhaltlech Gemengerotssëtzungen, woubäi mir entre-temps ee renomméierte Schrëtt no vir gemaach hunn. Eis Sëtzunge gi lo a Bild an Toun opgezeechent a fir Iech op eiser Internetsäit zougänglech gemaach.

A propos Internetsäit: Och ons am Joer 2006 agefouert Onlinepresenz krut dëst Joer eng komplett Neigestaltung a presentéiert sech an engem moderne Layout mat enger besserer Iwwersiicht souwuel um Computer, wéi och um Smartphone.

An der Conciergerie um Birddel kënnen eis Awunner ënner Anerem, déi privat oder geschäftlech fir eng länger Zäit ausser Haus sinn, hire Courrier deposéiert kréien.

Dir fannt an dësem Magazine och een Interview vun engem Kënschtler, dee mir beoptraagt hunn eise Gemengerotsall artistesch wéi historesch ze verschéineren.

Selbstverständlech fannt Dir och an all eisen Ausgaben eng Hellewull Informatiounen iwwert d’Aktivitéiten an d'Initiative vun eise Veräiner, awer och Beiträg zur Sensibiliséierung fir d'Biodiversitéit an nëtzlech Rotschléi fir eis Bewunner.

Déi lescht Säite vun eisem Magazine sinn traditionell dem bildlechen an textleche Rapport iwwert d'Aktivitéiten an d‘Manifestatioune vun eise Veräiner aus deene leschte Wochen a Méint reservéiert.

Josy Popov, Schäffen



Chers concitoyennes et concitoyens,

C'est avec une grande joie et un sentiment de fierté que je vous présente la 60e édition de notre KoBri Magazine. C'est un parcours remarquable qui a débuté en avril 2006, lorsque notre commune a publié pour la première fois son bulletin sous le nom de « Kontakt ».

En octobre 2022, cette brochure communale a été renommée KoBri Magazine. L'abréviation « KoBri » symbolise parfaitement le lien entre nos deux localités, Kopstal et Bridel, dont nous nous efforçons de mettre en valeur l'histoire et le développement.

L'objectif fondamental de notre publication est resté inchangé : informer nos habitants de manière complète sur les nombreuses activités et évolutions de notre commune. Cela inclut également les comptes rendus des séances du conseil communal, pour lesquelles nous avons récemment franchi une étape importante. Nos séances sont désormais enregistrées en image et en son, et mises à votre disposition sur notre site Internet.

À propos du site Internet : notre présence en ligne, mise en place en 2006, a bénéficié cette année d'une refonte complète et se présente désormais avec une mise en page moderne et une navigation améliorée, aussi bien sur ordinateur que sur smartphone.

À la Conciergerie à Bridel, nos habitants qui s'absentent pour une période prolongée, que ce soit pour des raisons privées ou professionnelles, peuvent faire conserver leur courrier.

Dans ce numéro, vous trouverez également une interview d'un artiste que nous avons chargé d'embellir notre salle du conseil communal, tant sur le plan artistique qu'historique.

Comme toujours, chacune de nos éditions contient de nombreuses informations sur les activités et les initiatives de nos associations, ainsi que des contributions destinées à sensibiliser à la biodiversité et à fournir des conseils utiles à nos habitants.

Les dernières pages de notre magazine sont traditionnellement consacrées au rapport en images et en textes des activités et manifestations de nos associations des dernières semaines et mois.

Josy Popov, Échevin

Dear Fellow Citizens,

With great joy and a sense of pride, I am pleased to present to you the 60th edition of our informative KoBri Magazine. This marks a remarkable journey that began in April 2006, when our municipality launched the first newsletter under the name “Kontakt.”

In October 2022, this municipal brochure was renamed KoBri Magazine. The abbreviation “KoBri” fittingly symbolizes the close connection between our two localities, Kopstal and Bridel, whose histories and developments we have always strived to highlight.

The fundamental purpose of our publication remains unchanged: it aims to provide our residents with comprehensive information about the wide range of activities and developments within our municipality. This also includes reports on the communal council meetings — and we have recently taken a major step forward in this regard. Our meetings are now recorded with both image and sound and made available to you on our website.

Speaking of the website: our online presence, which was first launched in 2006, has received a complete redesign this year. It now presents itself with a modern layout and improved navigation, both on computers and on smartphones.

At the Conciergerie service in Bridel, our residents who are away from home for a longer period of time, either privately or for business, can have their mail held for them.

In this magazine, you will also find an interview with an artist we commissioned to artistically and historically enhance our municipal council hall.

Of course, each of our editions also contains a wealth of information about the activities and initiatives of our associations, as well as contributions aimed at raising awareness about biodiversity and practical advice for our residents.

The final pages of our magazine are traditionally dedicated to a visual and written report on the activities and events of our associations from the past weeks and months.

Josy Popov, Alderman

# NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

## Klimapakt – eng sëlwer Zertifizéierung fir d'Gemeng Koplescht

D'Gemeng Koplescht engagéiert sech niewend dem Naturpakt och am Klimpakt. De Klimapakt ass e Qualitéitsmanagement- an Zertifizéierungsprogramm, deen de Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable ageriicht huet fir den Engagement vun de Lëtzebuerger Gemengen an der Energietransitioun an am Klimaschutz ze erliichteren.

D'Gemengen, déi beim Klimapakt matmaachen, siche sech d'Aktiounen, déi si op hirem Territoire ëmsetze wëllen, aus engem Katalog vu 64 Mersuren eraus. Am Géigenzuch finanzéiert de Staat d'Käschte vun de Klimaberoder, souwéi eng variabel Subventioun ofhängeg vun den Efforten no hirem Zertifizéierungsniveau.

An dësem Kader muss d'Administratioun sech reegelméisseg engem Audit stellen deen dann determinéiert, wéi ee Status d'Gemeng an dësem Pakt huet. Den 2. Juli 2025 huet d'Klimapaktteam sech dësem Audit gestallt an d'Resultat war ganz positiv: de generell erreechte Score ass 65,05 %, soumadder kritt d'Gemeng d'Zertifizéierung vun der Kategorie 3 (sëlwer) zougesprach. Vue dass mer zousätzlech un engem themateschen Audit deelgeholl hunn, kréie mer och d'Zertifizéierung „Upassung un de Klimawiessel" zougesprach.

Dëst ass e Resultat, wat sech weise léist an allen Acteure vum Klimapaktteam ze verdanken ass.

Am nächste KoBri Magazine gitt dir méi iwwert den thematesche Audit gewuer.

## Klimapaktteam:

| Numm | Virnumm | Fonctioun |
|---|---|---|
| BINTENER | Romain | Waasserservice |
| EWEN | Lisa | Member aus dem Gemengerot |
| GENOT | Philippe | Klimapaktberoder, Schroeder & Associés |
| LORITO | Mick | Ingenieur, Techniker |
| OLSEM | Tom | Viraarbechter |
| POPOV | Josy | Klimaschäffen |
| SAHR | Nora | Architektin |
| SCHAUL | Sabrina | Service Kommunikatioun |
| SCHMITZ | Jean-Claude | Koordinator Klimapakt |
| WEICKER | Raoul | Schäffen |

# NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

## En neit Konschtwierk fir de Gemengesall

Zanter kuerzem huet eise Gemengesall eng nei kënschtleresch Dimensioun dobäikritt, déi jidderengem dierft opfalen. Eenzegaarteg an extra fir dëse Raum geschaf, empfänkt dëst Konschtwierk elo politesch Responsabel a Visiteuren. Et ass méi wéi nëmmen Dekoratioun: et erzielt eng Geschicht, spigelt d'Identitéit vun eiser Gemeng erëm a luet jiddereen zum Nodenken an.

Haut hu mir d'Chance mam Jacques Schneider, dem Kënschtler hannert dësem aussergewéinleche Wierk, ze schwätzen an d'Geschicht an d'Inspiratioun hannendrun z'entdecken. Dësen Interview gouf op Franséisch gefouert an duerno an d'Lëtzebuergescht iwwersat.




### Wéi ass d'Iddi fir dëst Konschtwierk an eisem Gemengesall entstanen?

D'Ufro koum am Ufank, well de Sall renovéiert gouf an d'Gemeng sech e Portrait vun der groussherzoglecher Koppel gewënscht huet. Zu deem Zäitpunkt wousste mir nach näischt vum Trounwiessel. Wéi ech d'Gréisst vum Sall gesinn hunn, hunn ech mir direkt gesot: firwat net e Konschtwierk maachen, dat déi ganz Breet afänkt? Ech hu gär grouss Formater, well een domadder ëmmer eng Geschicht erziele kann. Gläichzäiteg wollt ech de Bierger a Biergerinnen, déi d'Ophuele vun de Gemengeréit kucken, nach en zousätzlechen Detail bidden, deen si am Hannergrond entdecke kënnen.

### Wat huet Iech am meeschten inspiréiert?

Ech sinn e grousse Geschichtsbegeeschterten a muss ëmmer den Historique vun enger Plaz verstoen, ier ech dorunner schaffen. Nieft de Gespréicher mam Gemengerot hunn ech och Fuerschungen an den Nationalarchive gemaach. Wat mech direkt faszinéiert huet, ass d'Tatsaach, dass mir an engem Land liewen, dat sech staark verännert. Ënnert dem Groussherzog Henri huet sech d'Bevëlkerung verduebelt. Koplescht ass och eng lieweg Gemeng, wou ëmmer Leit mat verschiddenen Hierkonfte wunnen. Déi net onbedéngt en direkte Bezuch zu Lëtzebuerg hunn. Mat menge Wierker probéieren ech ëmmer d'Leit dozou ze bréngen, méi Interessi fir de Groussherzogtum ervirzebréngen.

### Kënnt Dir kuerz beschreiwen, wéi Dir vun der Iddi zur Ëmsetzung komm sidd?

Bei den éischten Diskussioune gouf ech gefrot eng Skizz ze maachen. Fir mech ass dat awer schwéier, well wann ech eng Skizz maachen, kreéieren ech scho bal d'Wierk. Dowéinst hunn ech léiwer meng Iddien erkläert. Vun Ufank u wousst ech, dass ech d'Natur abréngen wollt. Ech hunn och de Faarfcode vun der Gemeng gefrot, fir dass d'Bierger a Biergerinnen sech erëmfanne

kënnen. Dofir hunn ech och am Hannergrond en historesche Plang vu Koplescht agebaut, bekannt Gebaier souwéi en ale Vertrag iwwer de Kaf vun engem Wéngert, wou Koplescht ernimmt gëtt.


Nodeems de Wiessel um Troun bekannt gouf, hunn ech d'Ierfgroussherzoglech Koppel kontaktéiert fir eng nei Serie Portraiten ze maachen, wouvunner ech eent an d'Wierk integréiere konnt. Si hu gären zougestëmmt. Ech hu Portraiten ausgewielt, déi eng blo an orange Sträif hunn. Dës Faarwen si gläichzäiteg d'groussherzoglech Faarwen a sollen och u meng eege kënschtleresch Identitéit erënneren. Doduerch ënnerscheede si sech och visuell vum Rescht vum Wierk.

## Wéi eng Materialien an Techniken hutt Dir benotzt, a firwat?

D'Villsäitegkeet vun de genotzten Technike mécht d'Bild interessant. D'Struktur ass aus massiven Holzplacke gemaach. Ech hunn Drocktechniken, Tënt a Faarwen op Uelegbasis benotzt. E puer Deeler si mam Pinsel sech och visuell vum Rescht vum Wierk. gemaach, anerer mam Messer, dëst fir der Faarf Déift a Relief ze ginn, wat erëm Schied an Dynamik erméiglecht.

## Wéi laang huet d'Realisatioun am Ganze gedauert?

Vun der éischter Ufro bis zur definitiver Installatioun ass ongeféier annerhalleft Joer vergaangen. Bei engem esou grousse Projet mat esou villen Detailer brauch een Zäit: et muss een dran tauchen, nodenken, nei ufänken, d'Wierk fiddere a beräicheren. Dës Zäitspan war also ganz wäertvoll.



## Gëtt et e Symbol oder e klengt Detail, deen d'Awunner kënne entdecken, wa si genee hikucken?

Wéi scho gesot, et verstoppe sech vill kleng Detailer am Konschtwierk. Mä wann een näischt Besonnesches wëll gesinn, kann een et och einfach als eng Mëschung vu Faarwen erliewen. Ech wollt d'Gefill vun engem Spadséiergank am Bësch vermëttelen. Déi Leit, déi am Gemengesall sëtzen, mussen heiansdo Stonnen do verbréngen – hannert hinne wollt ech eng kleng Auszäit ubidden.

## Wéi eng Emotioun oder Botschaft wëllt Dir vermëttelen?

E Konschtwierk däerf ni eng Obligatioun sinn, et ass eng Invitatioun. Ech bidden de Leit d'Méiglechkeet, d'Gemeng duerch meng Aen ze gesinn. Ech hu gär, wa meng Aarbechte verschidde Liesniveauen hunn: beim erakommen, gesäit een d'Portraiten, d'Fändelen, d'Bild – an da kann ee lues a lues méi Detailer entdecken.

Mäin Haaptzil ass, dass d'Leit Loscht kréien, Koplescht besser kennenzeléieren – dës speziell Plaz mat senge Bëscher, senger Liewensqualitéit, senger Rou a senger Harmonie. Ech wollt, dass d'Wierk och dës Rou ausdréckt: d'giel Faarf symboliséiert d'Sonn, déi d'Bild beliicht, wärend déi vill gréng Nuancéierungen de Bësch a seng magesch Schied erëmspigelen.

## A wat bedeit dës Konschtwierk fir lech perséinlech?

Eng grouss Freed a Stolz. Et ass e Privileeg fir mech, de neie Portrait vun der ierfgroussherzoglecher Koppel virzestellen. Meng Visioun vu Koplescht duerch seng Monumenter a Landschaften ze weisen, ass gläichzäiteg eng Verantwortung an eng Chance. Zënter ech sechs Joer al sinn, hunn ech d'Méiglechkeet dat ze zeechnen an ze molen, wat ech gär hunn, an et mat aneren ze deelen. Dofir sinn ech wierklech dankbar a soen der Gemeng villmools Merci.

# NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

## Eng nei Heckeschéier fir de Gemengentraktor

Viru Kuerzem krut de Service Technique vun der Gemeng Koplescht een neien Trakter, dee mir op déser Plaz och scho virgestallt haten. Elo ass dann och dat lescht Accessoire ukomm. Et handelt sech heibäi ëm eng DUCKER DUA700 Ausleeër. Dësen ass mat enger Heckeschéier an engem Mulcher equipéiert. D'Heckeschéier erméiglecht der Gemeng, Hecken op Bëschweeër oder soss ëffentleche Plazen ze schneiden, ouni op een Drëtte mussen zeréckzegräifen. Dës modern Heckeschéier wäert och an Zesummenaarbecht mat eisem Fierschter an de lokale Bëscher zum Asaz kommen.





De Mulcher ass fir eis Summerweeër laanscht eis Stroossen propper ze halen. Do derbäi krute mir och nach een 2500ltr Waassertank, deen 2 Funktiounen erfëllt. Op där enger Säit als Hochdruckreiniger,fir mobil an ouni groussen Opwand duerch d'Gemeng eis Stroosseschëlder a soss Infrastrukturen ze botzen, an op der anerer Säit am Summer mat enger Braus um Ausleeër eis Nätzekipp z'ënnerstëtzen.

Viru Kuerzem krute mir d'Material vun engem Wierksformateur gewisen an erkläert, sou dass d'Maschinn an eis Ekipp prett si fir an den Asaz.

# Är Iddie fir muer: Elo bei der Online-Ëmfro *Plan de développement communal (PDC) Koplescht* matmaachen

Fotoen: Olivier Pirotte

Am Kader vum Plan de développement communal (PDC), deen d'Gemeng Koplescht zënter Ufank dës Joers ausschafft, ass et eis e besonnescht Uleies, Iech als Bierger*inne fréizäiteg an de Planifikatiounsprozess matanzebannen. Ob Dir zu Koplescht bezéiungsweis um Briddel wunnt, schafft, an d'Schoul gitt oder ee vun dësen Uerter besicht: Äert lokaalt Wëssen an Är Erfarunge si wäertvoll fir déi gemeinsam zukünfteg Gestaltung vun der Gemeng.

Iwwer d'Online-Ëmfro wëllt d'Gemeng erausfannen, wéi Koplescht a Briddel haut wouergeholl ginn a wéi eng Erwaardunge fir d'Zukunft bestinn. D'Resultater vun der Ëmfro bilden eng wichteg Grondlag fir fiabel Planifikatiounsdecisiounen. Zum Schluss vum PDC-Prozess ginn d'Resultater vun der Ëmfro an engem Auswäertungsbericht dokumentéiert a verëffentlecht.



## De PDC kuerz erkläert

De Plan de développement communal ass en informellt Planifikatiounsinstrument an e gemeinsame Fahrplang fir déi zukünfteg raimlech Entwécklung vun eiser Gemeng. Beim Ausschaffe steet e kooperative Prozess am Vierdergrond, an deem Verwaltung, Politik a Bierger*innen am oppenen Dialog zesummeschaffen.

An der éischter Phas vum Planifikatiounsprozess fir de PDC steet e geneeë Bléck op eis Gemeng: mir kucken eis un, wéi d'Gemeng haut raimlech opgebaut ass, wéi eng Offeren et gëtt, wou Potenzialer leien a wou Problemer sinn. Fir e ganzheetlechen Iwwerbléck ze garantéieren, hu mir eelef Themeberäicher definéiert, déi decisiv fir eist deeglecht Liewe sinn.

Déi 11 Themeberäicher vum PDC:

- Urbaniséierung & Logement
- Wirtschaft, Aarbecht & Tourismus
- Mobilitéit & Amenagement
- Sozial Infrastrukturen & lokal Versuergung
- Technesch Versuergungsinfrastrukturen
- Klimaschutz & Adaptatioun un d'Klima
- Nohaltegkeet & Ekologie
- Fräizäit, Sport, Kultur & Communautéit
- Informatioun, Kommunikatioun & Bedeelegung
- Gemengegestioun

Mam PDC wëlle mir garantéieren, datt d'Liewensqualitéit an eiser Gemeng laangfristeg erhalen a konstant verbessert gëtt. Dobäi geet et net nëmmen drëms, existent Problemer ze léisen, mee och d'Stäerkte vu Koplescht a Briddel ze erkennen a weider auszebauen.

## Wéi kënnt Dir matmaachen?

D'Gemeng wëllt mat Hëllef vun der Online-Ëmfro eng liicht zougänglech a flexibel Participatioun fir alleguerten d'Bierger*innen erméiglechen. Sou kënnt Dir onofhängeg vun Zäit, Plaz oder Mobilitéit direkt bei der Ëmfro matmaachen an Är Meenungen, Iddien a Suergen an den Erstellungsprozess vum PDC abréngen.



### Alles wat Dir iwwer d'Ëmfro wësse musst

- Zäitraum: vum 27.10.2025 bis inklusiv den 08.12.2025
- Zäit fir d'Ausfëllen: ca. 10 Minutten
- Sproochen: Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch, Däitsch

Huelt Iech e puer Minutten Zäit a gestalt mat eis zesummen d'Gemeng Koplescht vu muer - fir déi haiteg an déi zukünfteg Generatiounen.

Scannt de QR-Code, fir bei der Ëmfro matzemaachen:

Falls Dir d'Ëmfro léiwer um Pabeier ausfëllt, da kënnt Dir äre Formulaire am Biergerzenter um Briddel ofhuelen. E-Mail: population@kopstal.lu, Tel.: 27 327 222

D'Gemeng freet sech op groussen Interessi a bedankt sech bei all deenen, déi matmaachen.

Koplescht Briddel

27-31.10.2025 / 9.00-17.00

# Die Wärmepumpe, eine nachhaltige und erneuerbare Energiequelle!

## *La pompe à chaleur, une source d'énergie renouvelable !*



**Vereinbaren Sie einen Termin** mit Ihrem persönlichen Berater, um Ihre Fragen zu Ihrem Projekt zur Installation einer Wärmepumpe, einer nachhaltigen Alternative zu Öl- oder Gasheizungen, und erfahren Sie mehr über die verfügbaren Fördermittel.

***Prenez rendez-vous** avec votre conseiller personnel pour poser toutes vos questions sur votre projet d'installation de pompe à chaleur, alternative durable au chauffage au mazout ou au gaz, et en savoir plus sur les aides disponibles.*

Co-funded by the European Union

**Conseil indépendant et gratuit :** klima-agence.lu • 8002 11 90

klima agence

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

## Ewechgeheien? Op kee Fall!

Fotoen: Repair Café

An enger Welt, wou vill Saachen direkt ersat ginn, soubal se defekt sinn, bréngt eng Biergerbeweegung neit Hoffen: d'Repair Cafés. Dëst Konzept ass 2009 zu Amsterdam op Initiativ vum Martine Postma entstanen an huet sech séier weltwäit verbreet. Zënter 2013 ginn et och zu Lëtzebuerg Repair Cafés – haut si 17 lokal Gruppen aktiv, déi reegelméisseg Reparatur-Eventer organiséieren.



## Méi wéi just Reparéieren

E Repair Café ass vill méi wéi eng Reparatur-atelier an huet divers Missiounen :

- Ëmweltfrëndlech: verlängert d'Liewensdauer vun Objeten, reduzéiert Offall a CO2-Emissiounen.
- Ekonomesch: spuert Suen, léisst eis de Wäert vun eisen Objeten nei entdecken a vermeit onnéideg Neikeef, stäerkt d'Kreeslafwirtschaft an hëlleft géint geplangten Obsoleszenz ze kämpfen
- Sozial & Educativ: erméiglecht d'Weidergi vu Wëssen, fërdert den Austausch tëscht Generatiounen a Kulturen.

## Wat ka reparéiert ginn?

D'Fräiwëlleger hëllefe bei:

- Klengen Elektroapparater
- Véloen & Computeren
- Miwwelen, Spillsaachen, Kichenutensilien
- Kleeder & Bijouen

Och wann eppes net komplett reparéiert ka ginn, kritt een dacks nëtzlech Tipps, fir zukünfteg Schied ze vermeiden.

## De „Café“ am Repair Café

Hei geet et net nëmmen ëm Schrauwen a Bastelen: et ass och eng Plaz fir sech ze begéinen. Kaffi a Kuch, flott Gespréicher mat Noperen an eventuell nei Iddie fir gemeinsam Projete maachen d'Evenementer zu engem richtege soziale Rendez-vous

## Eng Beweegung déi wiisst

Zu Lëtzebuerg goufen zënter 2013 iwwer 100 Eventer organiséiert. Am Joer 2022 goufen 1.823 Objete bruecht: dovunner goufen der 1.015 reparéiert, 355 deelweis reparéiert a 410 als irreparabel dekläréiert.

Dës Zuele weisen: Repair Cafés hëllefen net nëmme fir Offall ze reduzéieren, mee veränneren och eis Mentalitéit – Reparéiere gëtt nees eppes Normales.

Méi Informatioun fannt Dir hei: www.repair-cafe.lu

## Matmaachen an der Gemeng Koplescht

D'Gemeng Koplescht ass amgaangen een Team op d'Been ze stellen, wat an Zukunft op verschiddene Manifestatioune Repair Cafés kann ubidden. Eng Première gouf et um Meet & Vide (grenier) den 18. Oktober.

Dir hutt Kenntnisser an Elektronik, Mechanik, Holzaarbecht oder Bitzen? Da maacht mat a mellt Iech via Mail op communication@kopstal.lu! D'Repair Cafés funktionéiere just dank deene Fräiwëllegen, déi hiert Wëssen deele wëllen.




PAS DE PRODUCTEURS...
PAS DE CAFÉ !
Avec le café Fairtrade,
vous contribuez à sécuriser l'avenir des producteurs menacés par l'extrême pauvreté et le changement climatique.
ENSEMBLE, CHANGEONS LE COMMERCE
POUR UN MONDE PLUS JUSTE !
FAIRTRADE
EN SAVOIR PLUS
fairtrade.lu
RCS Lille Métropole 424 761 419 00045. ©mouton NOIR 2024 - Visuel généré avec IA.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil



# Vous accueillez du public ?

## Rendez vos lieux plus accessibles avec le soutien financier de l'État.

L'accessibilité est une **obligation légale**. En rendant vos locaux accessibles, vous améliorez l'accueil de tous vos visiteurs — tout en bénéficiant d'une **aide financière de l'État**.

Jusqu'à **24.000 € d'aides** pour financer 50 % des coûts : Travaux, conseils, expertises

**Bâtiment existant ?** Votre dossier doit être déposé au plus tard le **1er juillet 2028** sur **MyGuichet.lu**. Les travaux doivent être terminés avant le **1er janvier 2031**.

Accessibilité Infrastructure

Plus d'informations:
**accessibilite.lu**

NATUR & TOURISMUS

# Pilotprojet: Véier Patten fir de Fliedermausschutz

De Schutz vu bedrote Fliedermausaarte stellt d'Bëschbewirtschaftung ëmmer nees viru grouss Erausfuerderungen. Vill Aarten, wéi d'Bechsteinfliedermaus oder d'Mopsfliedermaus, si staark op Bamhielen als Quartéier ugewisen. Déi ze fannen ass awer schwéier: Fliedermais féieren e verstoppt Liewen, hir Quartéierbeem si bal net z'erkennen ouni speziell Kenntnisser an traditionell Methode wéi deier an zäitopwenneg Telemetrie-Studien.

Eng innovativ Léisung bitt elo den Asaz vu speziell trainéierten Hënn. Dës kënnen unhand vum Geroch vum Fliedermauskot Quartéierbeem séier a präzis detektéieren. A Länner wéi Däitschland oder der Schwäiz gi se scho mat Succès agesaat. Si schaffen net invasiv, stéieren d'Déieren net a liwweren zouverlässeg Donnéeën och a schwéier zougängleche Bëscher. Dobäi si se vill méi effizient wéi traditionell Methoden: En trainéierten Hond kann eng Fläch vu 50 x 50 Meter am Duerchschnëtt an nëmmen enger hallwer Stonn ofsichen.



An dësem Kader gouf vum COPIL „Mamer-Äischdall-Gréngewald"* mat der finanzieller Ënnerstëtztung vum Ëmweltministär e Pilotprojet gestart. An de sechs Natura-2000-Gebidder vum Comité de pilotage liewe vill verschidde Fliedermausaarten, vun deenen e puer ënner strengem EU-Schutz stinn. Zil ass et, mat Hëllef vun engem ausgebilten Hond fir d'éischt Kéier zu Lëtzebuerg systematesch Quartéierbeem z'identifizéieren. Dobäi gëtt den Hond un der Léngt gefouert a weist Kotspuere mat Stoebleiwen a Fixéieren un – eng Method, déi d'Déieren net stéiert.

De Projet versprécht net nëmmen nei Erkenntnisser iwwer d'Ökologie vun de Bëschfliedermais, mee och konkret Virdeeler fir de Naturschutz. Forstbetriber kënnen op Basis vun dësen Informatioune geziilt Schutzmoossnamen huelen, wéi z. B. wichteg Biotopbeem stoe loossen. Op laang Siicht kéinten nach méi Hënn ausgebilt ginn, fir souwuel a Staats- wéi a Privatbëscher agesat ze ginn. Och beim Bau vun Infrastrukturen ass en Asaz denkbar, fir virum Ufank vun den Aarbechte sécherzestellen, datt keng Quartéier zerstéiert ginn.

Den Hond, deen an dësem Projet agesat gëtt, ass am lëtzebuergeschen Zentrum „Spürnasenarbeit" zu Bettenduerf forméiert ginn. Do léiere Familljenhënn Schrëtt fir Schrëtt geziilt no Gerécher ze sichen – eng Formatioun, déi ronn zwee Joer dauert an déi scho mat Succès bei Themen ewéi Schlagopfersiich bäi Wandkraaft, Borkenkäfer oder Bettwanzen agesat gëtt.

D'Schlussfollgerung ass villverspriechend: ausgebilten Hënn sinn effizient, kaschten net vill an dobäi si se schounend fir déi aner Déieren. Si kéinte sech zu engem wäertvolle Mëttel am Fliedermausschutz zu Lëtzebuerg entwéckelen – an domat en entscheedende Bäitrag leeschten, fir déi bedrote Bëschbewunner laangfristeg ze erhalen.

Den éischten Testlaf soll nach dëst Joer am Laf vum Hierscht am Gebitt „Faascht" stattfannen. Weider Informatioune iwwert de Projet oder den COPIL „Mamer-Äischdall-Gréngewald" fënnt een um Site www.natura2000.lu.

* De COPIL (Comité de pilotage) „Mamer-Äischdall-Gréngewald" betreit 6 Natura-2000-Gebidder mat enger Gesamtfläch vu 10.058 ha, dorënner d'Gebitt „Vallée de la Mamer et de l'Eisch", de „Gréngewald", de „Bras mort de l'Alzette" zu Kruuchten, d'Gebitt „Ielboesch" zu Kielen, d'Gebitt „Faascht" tëscht Garnech a Stengefort an d'„Aire de Service et Schultzbëch" zu Capellen. 82% vun der Fläch vun dëse sechs Natura-2000-Gebidder bestinn aus Bësch. De gréissten Deel vun dëse Bëscher besteet aus Lafbësch, besonnesch aus der Biichengesellschaft („Waldmeisterbuchenwald"). Weider typesch Liewensraim an dëse Gebidder si natierlech Hielen (ënner anerem d'Mammerleeën), déi ganz sensibel Kallektuffquellen, d'Auwälder an déi al Eechebëscher. Och déi vill Waasserleef si besonnesch schützenswäert.

Zesummesetzung vum Büro „Mamer-Äischdall-Gréngewald":

- President vum COPIL N2000: Här Claude Parini
- Vertrieder vun der Natur- a Forstverwaltung: Här Philippe Merk
- Vertrieder vun der Waasserwirtschaftsverwaltung: Här Ronnie Schmit
- Vertrieder vun de Gemengen: Här Michel Malherbe
- Vertrieder vun de Gemengen: Här Raoul Weicker
- Animateur vum COPIL: Här Max Steinmetz



NATURA 2000
COPIL Mamer-Äischdall-Gréngewald

## Kontakt

**Administration de la nature et des forêts (ANF)**
Max Steinmetz
max.steinmetz@anf.etat.lu
(+352) 247-56 715

# NATUR & TOURISMUS

# D'Kéiseker brauchen eis Hëllef

Leider mécht den ëmmer méi séiere Réckgang vun de Spezies och virum beléiften Igel kee Stopp. Esou gouf de Kéiseker 2024 op d'Lëscht vun de geféierdete Spezies vun „net geféierdet" op „potenziell geféierdet" eropgesat. Tatsächlech ass an de leschte Joren a ganz Europa e massiivt Zeréckgoe vun den Igelpopulatiounen ze observéieren. Wann den negative Mënschenafloss op den Igel esou weidergeet, muss een domat rechnen, datt dës Spezies an noer Zukunft an d'Kategorie „geféierdet" eropgestuuft gëtt.

Fir dem Igel ze hëllefen, musse mir d'Ursaache vun dësem Réckgang verstoen. Wéi vill aner Déieren huet sech de Kéiseker duerch d'Intensivéierung vun der Landwirtschaft ëmmer méi an de mënschleche Siidlungsraum zréckgezunn. Mee och hei gi Liewensraum, Iessen an Ënnerdaach ëmmer méi rar. All Dag ginn nei Flächen zoubetonéiert an an de Wunnstroosse breede sech steril Schottergäert aus. Eng grouss Gefor fir den Igel ass de Stroosseverkéier. Mee och an de Gäert laueren aner Geforen, wéi zum Beispill Méiroboter a Pestiziden – virun allem Schleeken a Rategëft – déi fir den Igel liewensgeféierlech kënne ginn. Donieft féiert de Gebrauch vu Pestiziden och zum Verloscht vu senger Narungsbasis.

## De Géigendeel vu gutt ass gutt gemegt

Et kéint ee mengen, dass d'Fiddere vun Igelen hinne kéint hëllefen, mee domat schued een hinnen éischter. Net fir näischt ass d'Fiddere vu Wëlldéiere verbueden. D'Fiddere féiert dacks zu enger eesäiteger Ernärung an d'Verhale vun den Igele verännert sech. Hir Gebidder an deene si sech beweege gi méi kleng, wat zu enger méi héijer Iwwerdroung vu Krankheeten a Parasitte féiert.

## Wat kann ee maache fir wierklech ze hëllefen?

Fir datt et dem Kéiseker gutt geet, brauch hien an der oppener Landschaft Hecken an am Siidlungsraum Gäert ouni Gëft mat wëlle Wénkelen, wou d'Natur sech gréisstendeels ongestéiert entwéckele kann. Do kann hie sech verstoppen, am Summer seng Jonk op d'Welt bréngen an ab November säi Wanterschlof halen. Hei fënnt hien och seng Narungsquell: Insekten, Spannendéieren, Schleeken a Reewierm.

natur&ëmwelt

## Kontakt

**natur&ëmwelt a.s.b.l.**
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
secretariat@naturemwelt.lu
29 04 04 1



# Presentatioun videogames.lu

## Stellt Iech an är Aktivitéit kuerz vir.

Mir si videogames.lu, eng Gaming Communautéit déi et zanter 2011 gëtt a Gaming Evenementer organiséiert. An der Gemeng Koplescht organiséiere mir haaptsächlech de GamingCafé dee bal all Mount am Kulturhaus statt fënnt. Um GamingCafé ass jidderee wëllkomm fir an engem soziale Kader zesumme Videospiller a Briedspiller ze spillen, a bei engem gudde Maufel zesummen ze schwätzen. Mir bidden eng Varietéit u Videospillkonsolen, dat vun al bis ganz nei mam Fokus op Multiplayer Spiller.

## Säit wéini gëtt et de Veräin videogames.lu an eiser Gemeng?

videogames.lu huet 2013 seng éischt Evenementer an der Gemeng Koplescht organiséiert. Säit 2015 si mir och een offizielle Veräin an der Gemeng Koplescht.

## Wat ass d'Haaptzil oder d'Philosophie vum Veräin?

Eist Haaptzil ass et Videospill Begeeschterter zesummen ze bréngen an d'Gaming Zeen zu Lëtzebuerg. Zousätzlech wëlle mir Eenzelner vun hirem Ecran doheem fort kréien an ënner d'Leit bréngen. Soumat wëlle mir de Stigma vum Gamer briechen, deen asozial eleng doheem sëtzt. D'Zil vun eisen Evenementer ass et och nei Leit, déi virdrun net am Kontakt mat Videospiller waren, ze gewannen. Mir versichen de Message no baussen ze vermëttelen dass et keen Alter gëtt fir Videospiller ze spillen an och fir jiddereen accessibel ass. Dofir ass eist Motto „Spill mat!".

## U wie riicht sech Äre Veräin?

D'Aktivitéiten an Evenementer déi mir organiséieren, riichte sech souwuel un Erwuessener, wéi och u Kanner.

## Wéi eng Aart vun Eventer organiséiert Dir?

Wéi uewen erwäänt organiséiere mir de GamingCafé dee fir jidderee gratis ass. Mir kucken ausserdeem ëmmer flott Challenges, Aktivitéiten an och Turnéier an Zesummenaarbescht mat diverse Partner z'organiséieren. Mir plangen och puer Mol am Joer gréisser Evenementer déi iwwert ee Weekend ginn an do kënnen och mol spezifesch Workshops an heiansdo och méi Spezielles wéi zum Beispill Karaoke mat dobäi sinn. Déi nächst Veranstaltunge fannen u follgenden Deeg statt:

- 22. November 2025 vu 17h00-01h00
- 20. Dezember 2025 vu 17h00-01h00

## Bitt Dir och Workshops oder Coursen un, z.B. iwwer Game Design, Streaming oder technesch Kompetenzen?

Workshops oder Coursë bidde mir elo net an där Form un, wann da wéi gesot op gréisseren Evenementer vun eis a Partnerschaft mat anere Veräiner. Mir si



reegelméisseg present op anere Foiren oder Evenementer wou mir flott Multiplayer Spiller ubidden a schaffen och mat Jugendhaiser a mat aneren Associatioune fir dem Public Videospiller méi no ze bréngen.

### Wat war Äre schéinste Moment als Veräin bis elo?

Dee schéinste Moment als Veräin dee mir ëmmer erëm erliewen ass wa mir gesinn dass d'Visiteure sech op eis Evenementer freeën a Spaass hunn.

### Wéi vill Memberen zielt Dir?

Mir ziele momentan 28 Memberen.

### Wéi kann ee bei Iech Member ginn?

Member ka jidderee bei eis ab 18 Joer ginn. Mir freeën eis ëmmer nei Leit kënne bei eis am Veräin ze begréissen, déi gär bei eisen Evenementer aushëllefen an nei Iddie proposéieren an ëmsetzen.



### Kontakt

8, rue de Mersch, Kopstal, Luxembourg

videogames.lu@gmail.com
videogames.lu
videogames.lu



# Einführung Obstbaumschnitt
# für Landschaftspfleger und Interessierte

Der gezielte **Schutz, die Erhaltung und die Pflege von Obstbäumen** ist eine wichtige Aufgabe des Naturschutzes, um ihrem Schwinden in unserer Kulturlandschaft entgegenzuwirken. Neben dem **Nutzen des Obstes** hängt von den „Bongerten" das **Überleben vieler Tierarten** ab. Sie sind Teil unserer Biodiversität.

Ungepflegte Obstbäume fruchten nur wenig, leiden unter mangelndem Licht, riskieren auseinander zu brechen, sind anfälliger für Krankheiten, bringen wenig Ertrag und niedrige Qualität. Mit einem **fachgerechten Schnitt** bleiben sie gesund und werden vor dem Absterben bewahrt.

Deshalb organisiert das Naturschutzsyndikat SICONA in Zusammenarbeit mit der **deutschen Obstbaumschnittschule** einen **dreitägigen Obstbaumschnittkurs für Landschaftspfleger und Interessierte.**

| | |
|---|---|
| **Wann:** | **11. – 13.02.2026** inkl. |
| **Wo:** | **12, rue de Capellen L-8393 Olm** |
| **Sprache:** | **Deutsch** |
| **Anmeldegebühr:** | **400 € pP** |

**Für Essen und Trinken ist während des Tages gesorgt.**

**Anmeldungen bis zum 15.01.2026 per E-Mail an: administration@sicona.lu**

---

Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht aus 43 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel ist die Erhaltung der heimischen Artenvielfalt und der naturnahen Lebensräume. Neben Landschaftspflegearbeiten ist die Wiederherstellung von Lebensräumen ein Schwerpunkt der Arbeit von SICONA.

12, rue de Capellen L-8393 Olm T 26 30 36 25 E administration@sicona.lu sicona.lu

Die Obstbaumschnittschule ist eine überregional tätige Ausbildungsstätte im Bereich des naturgemäßen Obstbaumschnitts. Anfänger wie auch Profis erhalten Wissen und Fertigkeiten, um Obstbäume gesund und ertragreich zu halten. Durch praxisorientierte Kurse, umfassende Seminare und erfahrene Ausbilder bietet die Obstbaumschnittschule fundierte Ausbildungen, die auf nachhaltige und schonende Methoden setzen.

E info@obstbaumschule.de obstbaumschule.de

AKTIVITÉITEN & KULTUR

# Retrospektiv – Vergaange Manifestatiounen – Juni bis September 2025

## Charity Moto Tour – 15.06.2025

De 15. Juni huet de Moto Club Koplescht-Briddel mat de Bikers Frënn vu Sandweiler zesumme geschafft fir eng Moto-Faart ze organiséieren. Dës 3. Editioun hat d'Zil, Suen ze sammele fir d'Associatioun Ambulanz Wonsch a.s.b.l. z'ënnerstëtzen.

De Stuerm an der Nuecht, dee Schied un de Stroosse verursaacht hat, huet dozou gefouert, datt vill Motocycliste sech net getraut hunn, un dëser Randonnée deelzehuelen.

Nom Kaffi, dee vum Motoclub Koplescht offréiert gouf, sinn déi 10 couragéiert Motarde vum Kulturhaus Koplescht gestart fir e Moto Tour vun 180 km duerch d'Land an een Deel an Däitschland. Si hunn d'Zomm, déi der Madame Suzanne Verhoog vun der Associatioun Ambulanz Wonsch a.s.b.l., déi um Start present wor, iwwerreecht ginn.

Fotoen & Text: Moto Club MX Kopstal

Seite 27

## Gala Creativ'n'move – 28.06.2025

Eis Gala war e schéinen Ament, räich u Gefiller a Laachen. E grousse Merci un d'Eltere fir hiert Vertrauen, hir Präsenz, hir Hëllef an hir Ënnerstëtzung am Laf vum ganze Joer. Bravo un all eis Gymnasten an Dänzer, déi – trotz Onsécherheeten a grousser Hëtzt – ganz flott Leeschtunge gewisen hunn. Dir hutt Courage, Energie a Passioun gewisen, an dofir si mir immens houfreg op Iech.

E grousse Merci och un eis Trainer fir hir Aarbecht, hiren Asaz an hir Gedold. Dir hutt et verstanen, d'Kanner mat Gedold a Fréndlechkeet unzeleeden. An e spezielle Merci geet un d'Gemeng fir hir Ënnerstëtzung, d'Bereetstelle vun den Infrastrukturen an d'Begleedung wärend der ganzer Saison.

Fotoen & Text: Creativ'n'move

Seiten 26 - 27

## Alles op de Vëlo – 20.07.2025

Nodeems de Mouvement écologique dëst Event 26 Joer lang organiséiert huet, hu sech d'Gemenge Mamer, Koplescht a Miersch zesumme mam ORT d'lescht Joer fir déi éischte Kéier zesumme gedoen fir dëst an eegener Initiative weider ze feieren.

Mam Vëlo vu Mamer iwwer Koplescht bis op Miersch an dat mat enger sëllege Stänn op der ganzer Streck. No dem Succès vun dem leschte Joer, hu sech déi dräi Gemenge mat hire Partner och dëst Joer neess zesumme gedo fir ee flott Event fir grouss a kleng op d'Been ze stellen. Nierft den Gedrénks an Iessen's Stänn huet een och Informatioun's Poste roderrëm d'Thema Sécherheet um Vëlo fonnt. D'Evenement huet gläichzäiteg de Start vum Vëlosummer 2025 zu Lëtzebuerg markéiert – eng flott Geleeënheet dës autofräi

Streck tëschent Miersch, Koplescht a Mamer an eng flotter Ambiance ze erliewen.

Fotoen: Max Staus

Seite 28 - 29

## Open Air Kino - Kulturasbl – 05-06.09.2025

De Weekend vum 5. a 6. September war eng méi lass op der Wiss virun der Briddeler Sportshal. De järleche Rendez-vous vum Open Air Kino war erëm do a souwuel déi kleng, wéi och déi grouss Zuschauer konnten déi zwee Filmer Wicked an Inside Out 2 jeeweils no Sonnenënnergang an der rue Gerden entdecken. Den Entrée war gratis a fir Iessen, Gedrénks an Animatioune war ab 18:00 Auer gesuergt.

Fotoen: Sunset Cinema / Philippe Schroeder

Seite 30 - 32

## KoBri Rallye – 27.09.2025

Samschdes, de 27. September ass de KoBri Rallye am Briddeler Bësch organiséiert ginn. Ënnerwee konnten déi ronn 40 Participante sech u verschiddenen Ateliere probéieren, op Froen äntwerten a bei Spiller hiert Kënnen ënnert Beweis stellen. Zum Schluss gouf et fir d'Gewënnerekipp e Bong fir an ee vun eise lokale Restauranten an all d'Kanner kruten dat neit Pixie Buch vun natur&ëmwelt als Belounung. Déi verschidde Statioune war vun eise lokale Veräiner esou wéi och externen Organisatioune besat. Merci u jiddereen, deen zu dësem Dag bäigedroen huet.

Fotoen: Max Staus

Seiten 33 - 37

## Commemoratiounsdag – 08.10.2025

Mëttwochs, den 8. Oktober 2025 ass am Kader vum nationale Commemoratiounsdag eng festlech Zeremonie gehale ginn. A senger Ried huet de Buergermeeschter un déi jonk Kopleschter erënnert, déi hiert Liewe fir eis Fräiheet geaffert hunn: „Mir verdanken hinnen immens vill a hunn d'Flicht, d'Erënnerung un hiert Leed an d'Léier, déi mir dovu gezunn hunn, un déi nächst Generatioune weiderzeginn."


Seiten 37 - 38

## Gala Creativ'n'move
## 28.06.2025



















**Charity Tour MX Kopstal**
**15.06.2025**



**Alles op de Vëlo**
**20.07.2025**

















## Open Air Kino
## 05-06.09.2025











Sunset
Cinema
opelvue.lu


POP
CORN
















KOBRI
RALLYE
















CITIM
PERSPEKTIVEN WECHSELN!









**Journée de Commémoration**
**08.10.2025**













# Praktesch Informatiounen

## BIERGERZENTER
**1-3 rue Nicolas Goedert**
**L-8133 Bridel**

**Ëffnungszäiten:**
méindes bis freides vun
7h30-12h00 an 13h00-16h00

### RÉCEPTION
27 3 27 - 222
population@kopstal.lu

### BUREAU DE LA POPULATION
27 3 27 - 222
population@kopstal.lu

### SERVICE ENSEIGNEMENT
27 3 27 - 203
population@kopstal.lu

### SERVICE DE MÉDIATION
mediation@kopstal.lu

## CONCIERGERIE COMMUNALE
**76, rue de Luxembourg**
**L-8189 Kopstal**
27 3 27 - 327
conciergerie@kopstal.lu

**Ëffnungszäiten:**
méindes bis freides vun
13h00-19h00

## MAIRIE
**28, rue de Saeul**
**L-8189 Kopstal**

### SECRÉTARIAT COMMUNAL
27 3 27 - 305
secretariat@kopstal.lu

### RECETTE COMMUNALE
27 3 27 - 401
recette@kopstal.lu

### COMPTABILITÉ COMMUNALE ET RESSOURCES HUMAINES
27 3 27 - 303 | - 304
facturation@kopstal.lu

### COMMUNICATION ET RELATIONS PUBLIQUES
27 3 27 - 302 | - 306 | - 307
communication@kopstal.lu

## SERVICE TECHNIQUE
**22, rue de Luxembourg**
**L-8184 Kopstal**

### SERVICE TECHNIQUE
27 3 27 - 501 | - 502 | - 503
servicetechnique@kopstal.lu

### SERVICE URBANISME
27 3 27 - 507 | - 508
urbanisme@kopstal.lu

### SERVICE DES EAUX
661 402 328 ou 661 402 329
eau@kopstal.lu

### SERVICE RÉGIE
27 3 27 - 504 | - 505
servicetechnique@kopstal.lu

## AUTRES CONTACTS

### CIS KOPSTAL
49771 - 3450
ciskop-cadre@cgdis.lu

### PERMANENCE SOCIALE
Ines Figueiredo
26 11 37-31 | 621 267 162
ines.figueiredo@oscmamer.lu

### CIGL KOPSTAL-BRIDEL ASBL
26 10 35 19
kopstal@ciglkopstal.lu

### KOBRIBUS (Service Ruffbus)
27 327 - 333

### ÉCOLE FONDAMENTALE BRIDEL
27 3 27 - 203 (service scolaire)
comite@kopstalschoulen.lu
24, rue de l'école
L-8128 Bridel

### MAISON RELAIS BRIDEL
27 3 27 - 812
mre@kopstalschoulen.lu
www.maisonrelais-bridel.lu
4, rue François-Christian Gerden
L-8132 Bridel

### PRÉPOSÉ DE LA NATURE ET DES FORÊTS
Daniel Steichen
621 202 116
daniel.steichen@anf.etat.lu

Koplescht Briddel — Klima-Bündnis Lëtzebuerg — Mir sinn eng Fairtrade Gemeng — Pakt vum Zesummeliewen — NaturPakt — KlimaPakt — PacteLogement



Koplescht Briddel

Administration communale de Kopstal
28, Rue de Saeul
L-8189 Kopstal
**www.kopstal.lu**
CommunedeKopstal communedekopstal